N°1713
Entrée le 30.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.12.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Digitalisatioun & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Wéi déi däitsch Press beriicht, gouf et beim däitschen Autokonzern Volkswagen ee gréissert Dateleck, wouvun eng 800.000 Autoen betraff waren.

D'Donnéeën, déi ëffentlech siichtbar waren, konnte genotzt ginn, fir präzis Beweegungsprofiler vun den Automobilnotzer z'erstellen.

VW verséchert, dass keng Réckschlëss op d'Identitéit vun de Persoune konnt gemaach ginn an informéiert, dass d'Dateleck mëttlerweil behuewe gouf. Géifen d'Autoshiersteller dës Donnéeën net esou massiv sammelen a méi op Spuersamkeet beim Erhiewe vun Donnéeë setzen, kéint een esou Fäll och verhënneren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn och Autoen zu Lëtzebuerg vun dësem Dateleck betraff gewiescht?
2. Wéini a wéi gouf d'CNPD iwwert dëst Dateleck Fall informéiert?
3. Steht d'Regierung dem Sammelen vun Fuererdaten oppen géigeniwwer?
4. Wäert d'Regierung sech zu Lëtzebuerg oder op europäeschem Niveau dofir asetzen, dass an Zukunft manner Donnéeën iwwert d'Konsummenten erhuewe ginn?
   Falls jo, wat ass geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten